

Lëtzebuerg, den 11 novembre 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„ De Japankiewerlek ass eng invasiv Insektenaart, déi zu den 20 sougenannte “prioritäre Schuedorganismen” an Europa zielt. Si kënnen sech enorm séier verbreedden an et besteet de Risiko, dass si Kulture komplett vernichte kéinten. Zanter 2019 gëtt et en EU-Planzegesondheetsrecht dat all Bierger derzou verflucht d’Presenz vun esou engem Kiewerlek ze melden.

Kierzlech gouf de Japankiewerlek ronderëm Basel entdeckt an et besteet de Risiko, dass en sech och elo an eisem Nopeschland Däitschland verbreet.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

- 1) Wéi ass de Moment de Wëssensstand an dësem Beräich? Wat fir Kulture gi besonnesch vun dësem Kiewerlek befall? Huet dës Phänomeen och eppes mam Klimawandel ze dinn?*
- 2) Sinn d’Bauern an déi aner Acteuren am Beräich Landwirtschaft schonn avertéiert gi fir sech op dës Problem virzebereeden?*
- 3) Wat fir eng Planzeschutzmëttel ginn agesat fir d’Ausbreedung vun dësem Kiewerlek a Schach ze halen?*
- 4) Vu dass eng Meldeflicht zu dësem Kiewerlek besteet, bei wem muss een sech da melde wann een esou e Kiewerlek entdeckt? Ass an Zukunft geplangt d’Leit iwwert dës Meldeflicht ze informéieren?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat frëndleche Gréiss,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten